



Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 15:29, 22/07/2020

Pétange, den 22/07/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet, Ëffentlechen Déngscht, Tourismus & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

Den Arrêté grand-ducal de dépôt vum 20. Juli betreffend d'Ofännerung vum Gesetz vum 17. Juli 2020 („portant introduction d'une série de mesures de lutte contre la pandémie Covid-19“) ass, wéi virgesinn, vun der Gesondheetsministesch a vum Grand-Duc ënnerschriwwen.

Dem Staatschef säin Standuert zum Abléck vun der Signature vum besoten Dokument ass – Cabasson (Frankräich).

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Här Minister, vu wéini bis wéini war, respektiv ass de Staatschef Grand-Duc Henri zu Cabasson ? Wat genee mécht de Staatschef do? Ass hien an enger offizieller Missioun ënnerwee oder fir eng privat Vakanz ze maachen?
2. Wëssend, datt Lëtzebuerg den Ament mat enger Pandemie ze kämpfen huet, déi eis staatlech Institutioune viru grouss Erausforderunge stellt :
 - Wéi vill Polizisten, Beamten an Employéë sinn/waren am Kader vum Openthalt vum Grand-Duc zu Cabasson am Asaz ?
 - Kéint dëst Personal, an den Aen vum Här Minister, net zu Lëtzebuerg ee wäertvolle Bäitrag leeschten, fir d'Kris an de Grëff ze kréien an dat feelend Personal um Terrain opmannst hëllefën auszegläichen?
3. Wat genee ass an dësem Kader de Polizisten, Beamten an Employéën, déi de Staatschef begleeden, hir Aufgab?
4. Här Minister, kënnt Dir garantéieren, datt d'Aarbechtszäite vun de Polizisten, Beamten an Employéën, am Aklang mam lëtzebuergeschen Arbechtsrecht stinn ? Wéi ginn dës Arbeitszäiten erfaasst ? Kënnt Dir ausschléissen, datt d'Personal méi Stonne schaffen muss, wéi vum Gewerkschaftsaccord firgesinn?



5. Betreffend der Pandemie: Wéi eng Precautionsmesurë goufe konkret fir den Openthalt vum Grand-Duc zu Cabasson geholl ? Ass d'Sécherheet vum Grand-Duc an dem Staff garantéiert?
6. Här Minister, krut och all Member vun der groussherzoglecher Famill e Bong vu 50 Euro fir #VakanzDoheem ze maachen ? Wa net, firwat net ?
7. Ass säitens dem Staats- an Tourismusministère virgesinn, de Grand-Duc ze encouragéiere méi Vakanz am eegene Land (#VakanzDoheem) ze maachen, fir mam gudden Beispill vir ze goen ?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Député





CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 22 juillet 2020

Objet : Question parlementaire n° 2573 du 22.07.2020 de Monsieur le Député Marc Goergen - Séjour
du Grand-Duc

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois
afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés